

Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5595

D'Propositïoun 5595 ass mat 50 Jo-Stëmmen - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun - ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de révision 5672.

Vote sur la proposition de révision de la Constitution N°5672

Och dës Propositïoun ass mat 50 Jo-Stëmmen - bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun - ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5731 iwwert d'Inzidenze vu verschiddenen Ëmweltprogrammer a vum Projet de loi 5735, eng Konventioun iwwert d'Auswäertung vum Ëmweltimpakt am grenziwwerschreidende Kontext. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt.

Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.



4. 5731 - Projet de loi relatif à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

5735 - Projet de loi portant approbation du Protocole à la Convention sur l'évaluation de l'impact sur l'environnement dans un contexte transfrontière, relatif à l'évaluation stratégique environnemen-tale, fait à Kiev (Ukraine), le 21 mai 2003

Rapports de la Commission de l'Environnement

»»» **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmweltkommissioun huet an deene leschten zwee Méint folgend zwee Gesetzesprojeten zesummen analyséiert, well se am direkte Lien matenee stinn.

Et handelt sech engersäits ëm de Projet de loi 5735, dee grenziwwerschreidend zwë-

schent de Länner déi strategesch Evaluatioun vu Projekte fir den Impakt op d'Ëmwelt regléiert, an dëst am internationale Kader vum Protokoll vu Kiew vum 21. Mee 2003 an als Amendement zur Konventioun vun Espoo vum 25. Februar 1991. An anersäits handelt et sech ëm de Projet de loi 5731 iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vu konkreten national definéierte Pläng a Programmer.

Et wier net richtig ze soen, dass den zweet-genannte Projet dat an Nationalrecht ëmsetzt, wouzou mer eis duerch deen éischten um internationalen Niveau verflichten. An dach kënn et an der Praxis dorop eraus. Dofir stellen ech déi zwee Projets de loi zesumme vir.

Béid Gesetzesprojeten ënnerstëtzen ee gemeinsam Zil: Bei alle grouesse Projeten, déi sech negativ op d'Ëmwelt auswierke kéinten, soll méiglechst systematesch analyséiert ginn, wat fir en Impakt se op d'Ëmwelt hunn an ob deen Impakt net ka minimiséiert oder kompenséiert ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

An dësem Fall soll virun allem derfir gesuergt ginn, dass dat méiglechst fréi geschitt, an zwar net eréischt dann, wann en eenzelne Projet soll ëmgësat ginn, mä och scho wann um nationalen, regionalen Niveau oder an anere Länner Programmer oder Pläng ausgeschafft ginn, a Secteuren, déi ee staarken Afloss op d'Ëmwelt hunn.

Béid Gesetzesprojete leeën och grouesse Wäert op d'Participatioun vum Public an dësem Kontext. Souwuel d'Konventioun vun Espoo wéi och de Protokoll vu Kiew wéi och d'EU-Direktiv 2001/42/CE sollen dozou bäidroen, dass eis Politik méi nohalteg an och méi transparent a méi demokratesch gëtt.

Här President, ech wëll fir d'éischt op de Projet de loi 5735 agoen, op déi sougenannte Konventioun vun Espoo an de Protokoll vu Kiew, ëm déi et hei geet. Am zweeten Deel vu menger Ried ginn ech dann op de Projet de loi 5731 an, deen d'EU-Direktiv 2001/42/CE an nationaalt Recht ëmsetzt an domat deem virgenannte Protokoll vu Kiew Rechnung dréit.

Zu Espoo a Finnland hunn de 25. Februar 1991 30 Staten ënnert dem Patronage vun der Commission économique pour l'Europe vun de Vereenegten Nationen eng Konventioun iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt an engem grenziwwerschreidende Kontext ënnerschiwwen.

Domat hu se sech verflicht, bestëmmten Aktivitéite schonn an enger Planungsphas ze evaluéieren an déi betreffen Nopeschlänner ze konsultéieren. Dës Konventioun ass den 10. September 1997 a Kraaft getrueden. Haut sinn 42 Staten iwwert d'Konventioun vun Espoo an dës Evaluatiounspolitik mat agebonnen.

Am Kader vum Programm Environnement pour l'Europe gouf während der fënnefter Ministerkonferenz tëschent dem 21. an dem 23. Mee 2003 zu Kiew en zousätzleche Protokoll ënnerschiwwen, deen de grouesse Kader, deen d'Konventioun vun Espoo gësat huet, e Stéck méi prezis a contraignant mécht.

Ausserdeem hält en Elementer vun der Konventioun vun Aarhus mat eran, iwwert déi mer heibanne jo scho méi wéi eng kéier geschwat hunn. Am Sënn vun der Aarhus-Konventioun gesäit de Protokoll deemno vir, dass de Public vun Ufank u participativ mat agebonnen ass, wann et drëm geet, an engem grenziwwerschreidende Kontext Pläng a Programmer auszeschaffen, déi en negativen Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet kënnen hunn.

Lëtzebuerg huet genauso wéi 35 aner Staten de Protokoll vu Kiew am Mee 2003 ënnerschiwwen. Wa mer haut als Chamber dëse Protokoll approuvéieren, da gi mir domat eis Zoustëmmung zu enger kohärenter Ëmweltpolitik, déi iwwert déi lescht Jore gekuckt ëmmer méi konkret Contourë kritt huet. An dach ass d'RAFifizierung vum Protokoll vu Kiew éischter eng Formsaach. Et hunn nämlech net nëmme 36 Staten, mä och d'Europäesch Unioun als solch dëse Protokoll ënnerschiwwen. Mir sinn deemno souwouso iwwert d'Ëmsetze vum d'EU-Recht un d'Espoo-Konventioun an de Protokoll vu Kiew gebonnen.

D'Europäesch Unioun huet an dësem Fall eng Virreideroll gespillt. Nach ier de Protokoll vu Kiew ënnerschiww gouf, hat d'Europäesch Unioun schonn eng Direktiv ausgeschafft, déi konkret an obligatoresch Mesurë virgesäit, fir d'Konventioun vun Espoo ëmzesetzen. An dës Direktiv beschränkt sech natierlech net nëmmen op e grenziwwerschreidende Kontext, mä schreift d'Evaluatioun vu bestëmmte Pläng a Programmer och um nationalen Niveau vir. Dës Direktiv huet fir de Protokoll vu Kiew Modell gestanen.

Här President, et handelt sech hei wéi gesot ëm d'EU-Direktiv 2001/42/CE, déi mer am Kader vum Projet de loi 5731 an nationaalt Recht ëmsetze wëllen. Vu dass mer iwwert d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv ënner anere och eise Verpflichtungen a Bezuch op de Protokoll vu Kiew gerecht ginn, wëll ech elo méi am Detail op de Projet de loi 5731 agoe wéi op de Projet de loi 5735, dee jo just en Acte d'approbation ass. De Statsrot huet dat a sengem Avis iwwregens genauso gehalen.

Komme mer ee Moment zrëck op d'Direktiv 2001/42/CE. Och heibäi handelt et sech ëm d'Fortschreiwung vun enger Politik, déi sech drëm beméit, an alle relevante Beräicher systematesch lwwerleeungen zur Ëmwelt an zur Nohaltegkeet mat eranzebréngen.

Virun 2001 gouf et schonn eng EU-Direktiv 85/337/CEE, déi eng Ëmweltevaluatioun fir bestëmmten öffentlech a privat Projekte virgeschriwwen huet. D'EU-Direktiv 2001/42/CE geet elo e Schratt méi wäit, andeem se eng systematesch Evaluatioun vun den Auswierkungen op d'Ëmwelt schonn zu engem vill méi fréien Zäitpunkt fuerdert, wou d'Gesetzer oder national a regional Pläng a Strategien opgestallt a festgeluecht ginn, déi spéider bei hiner Realiséierung e wichtege Impakt op d'Ëmwelt wäerten hunn. Dat schléisst och d'Pläng a Programmer mat an, déi riskéieren, déi sougenannten Habitat-Zonen ze affectéieren.

Automatesch mussen esou Evaluatioune gemaach gi bei Pläng a Programmer am Beräich vum Aménagement du Territoire, vum Verkéier, der Energie, der Offall- a Waasserwirtschaft, der Industrie, der Telekommunikatioun, der Land- an der Forstwirtschaft an dem Tourismus.

Doriwwer eraus kënnen och Pläng a Programmer aus aneren Aktivitéitsberäicher ënnert déiselwecht Prozedure falen, wa se bestëmmte Kritären erfëllen, déi an der Annex 2 vun der Direktiv beschriwwen sinn an aus deenen ervirgeet, dass dës Pläng oder Programmer schwéierwiegend Auswierkungen op d'Ëmwelt hunn. Konkret bedeit dat, dass, ier esou e Plang oder e Programm oder e Gesetz ugeholl gëtt, eng Impaktstudie an e Rapport gemaach muss ginn, an dëst an Zesummenaarbecht mat der zoustänneger Ëmweltverwaltung.

D'EU-Direktiv hält och fest, wat fir eng Informatiounen an deem Rapport dran enthalen mussen sinn. Dës si folgend:

- 1) d'Objektiver vum Plang oder Programm an de Résumé, wat dëse Plang oder Programm beinhalt;
- 2) d'Ëmweltcharakteristike vun dem Terrain, deen duerch de Plang oder de Programm affectéiert gëtt;
- 3) d'Ëmweltproblemer, déi fir de Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 4) d'Ëmweltschutzziler, sief et um nationalen, communautairen oder internationalen Niveau, déi fir d'Ausschaffe vum Plang oder Programm eng Roll spillen;
- 5) d'Auswierkungen op d'Ëmwelt, déi de Plang oder Programm aller Viraussicht no mat sech bréngt;
- 6) d'Moossnamen, déi geplangt sinn, fir en negativen Ëmweltimpakt méiglechst kleng ze halen;
- 7) d'lwwerwaachungsmoossnamen, déi virgesi sinn, an
- 8) leschtens kënn ausserdeem an de Rapport och e Resumé, deen net technesch ass an domat och vun Netfachleit ka verstane ginn. Dëse Rapport gëtt nämlech net nëmme pour avis un déi zoustänneg Ëmweltverwaltung geschéckt, mä och der Öffentlechkeet zougänglech gemaach.

De Public muss dës Informatiounen fréi genuch kréien, fir kënne säin Avis dozou ofze-ginn. Am Sënn vum Protokoll vu Kiew mus-sen och d'Nopeschregiounen dës Informatiounen kréien, wann e Plang oder Programm Auswierkungen op hiren Territoire huet, oder wa se dës Informatiounen ufroen.

Wann dee betreffenen Nopeschstat dat wëllt, kann en un der Consultatioun deelhuelen, an och déi hei betrafte Bevölkerung gëtt op déiselwecht Manéier mat an dës Prozedur agebonne wéi de Public vun deem Land, dat de Plang oder de Programm ausschafft.

D'Avisen, déi am Kader vun dëser Prozedur vun de Concernéierten erakommen, solle mat an de Plang oder Programm afléissen, dee schliesslech genehmegt gëtt. No deem de Plang oder Programm ugeholl gouf, mussen déi concernéiert Acteuren nach emol eng Rei vun Informatiounen kréien. An zwar muss se déi verschidden Avisë kënnen agesinn an iwwert d'Resultat vun de Consultatiounen informéiert ginn.

Si mussen och eng Erklärung kréien, firwat dës Iddien tatsächlech ugeholl goufen a mat enger Begrënnung, firwat de Plang oder Programm an där Form ugeholl gouf. Déi Concernéiert ginn ausserdeem och nach iwwert d'lwwerwaachungsmesurë vun deem betreffende Plang oder Programm informéiert.

Här President, am Prinzip ass et esou, dass bei alle wichtege Pläng, Programmer an da spéider Projeten hir Auswierkungen op d'Ëmwelt geprüeft a méiglechst kleng gehale solle ginn, an dass esou fréi wéi méiglech Impaktstudie sollen a musse gemaach ginn, esou dass déi néideg Ëmweltadaptatiounen ouni gréisser Problemer kënne gemaach ginn. Dat ass einfach ze verstoen.

Trotzdeem ass d'Ëmsetzung vun der EU-Direktiv 2001/42 net esou einfach. Wéi esou oft stécht den Däiwel dobäi am Detail. Dat gesäit een un deem eelef Säite laangen éischten Avis vum Statsrot vum 13. November vum leschte Joer, un deene ville klengen Ännerungen an deene 14 Amendemen-ter, déi d'Ëmweltkommissioun zum initialen Text de 17. Januar 2008 gemaach huet, an dem Fait, dass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 4. Mäerz 2008 ëmmer nach e puer Bedenke behält.

Ech wëll hei op e puer Punkten agoen, déi zu méi prinzipiellen Diskussiounen gefouert hunn.

Eng éischt wichteg Remarque, déi de Statsrot a sengem Avis gemaach hat, war, dass mer entre-temps an enger ganzer Rei vu Gesetzer Virschrëften hunn, déi Ëmweltimpaktstudie virgesinn. De Statsrot ass besuergt, dass d'Gesetzgebung doduerch ëmmer manner transparent gëtt an et eventuell zu lwwerschneidungen oder Konfusiounen komme kann. De Statsrot ass der Meenung, dass et besser wär, e Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt mat enger kloerer Prozedur ze maachen a just nach zousätzlech ee Gesetz ze maachen, wann et an deem engen oder anere Beräich néideg wär doriwwer erauszegoen.

An der Ëmweltkommissioun hu mir doriwwer diskutéiert. Allerdéngs war eis bewosst, dass esou eng Iddi am Kader vum Projet de loi 5731 net ëmsetzbar ass. Wann d'Regierung dem Statsrot seng Approche gewielt hätt, hätt si e ganz anere Projet de loi misse virleeën.

Esou e Projet de loi auszeschaffen, ass fir d'Regierung mat engem groussen Opwand verbonnen, deen an deem enken Zäitkader, dee mer hunn, net ze réaliséieren ass. Well d'Direktiv 2001/42/CE hätt bis den 21. Juli 2004 misse ëmgësat ginn, wat awer leider an der leschter Legislaturperiod net geschitt ass. Mir sinn entre-temps weinst der Netëmsetzung vun der Direktiv veruerteelt an hunn Intérêt drun, dass mer elo esou séier wéi méiglech handelen, wa mer net vun der EU wëlle bestrooft ginn.

Doriwwer eraus ass d'Ëmweltkommissioun awer och net iwwerzeegt, dass d'Approche, déi de Statsrot recommandéiert, d'Evaluatioun am Ëmweltberäich an der Praxis wierkelech méi einfach maache géif. Et wier wuel méi licht ze gesinn, wat fir e Gesetz muss applizéiert ginn, mä d'praktesch Uwendung ass a bleift relativ komplizéiert. En Indiz dofir ass och, dass all déi aner EU-Memberstater - mat enger Ausnahm, nämlech Frankräich - de Wee gewielt hunn, dee mir och ginn.

Ee grouesse Problem bleift esou oder esou. Et kënnen net all konkret Situatiounen, déi sech spéider stellen, virausgesi ginn. Et soll och beduecht ginn: Wann een en ze vill héije Grad u Prezisioun an d'Gesetz erabrëngt, riskéiert een a konkrete Fäll säin Zil net ze errechen oder awer onnéideg bürokratesch Hürden opzebauen, déi mer am Sënn vun der Simplification administrative jo grad net wëllen.

Bleift d'Gesetz méi vag, dann ass et grad esou kloer, dass et zu ënnerschiedlechen Interpretatiounen komme kann. Genau dat war och e wichtege Kritikpunkt vum Statsrot, dee fäert, dass eenzel Dispositionen net prezis genuch sinn an domat zu Rechts-onsécherheete féiere kënnen.

D'Ëmweltkommissioun war awer der Meenung, dass d'Regierung richtig läit, andeems si genau déi Definitiounen a Begrëffer iwwerholl huet, déi an der EU-Direktiv

drastinn. Zumindest ass esou de Risiko limi-téiert, dass mer d'Direktiv net korrekt géifen ëmsetzen.

Här President, eng Erausfuerderung wäert op alle Fall d'Ëmsetzung vun deem neie Ge-setz an der Praxis sinn. An dat net, well den Text, dee mer hei virleien hunn, net prezis genuch ass, mä well mer e Mentalitéitswan-del brauchen an der Aart a Weis wéi mer hei zu Lëtzebuerg plangen a wéi mer ënner-schiddlech Interesse géinteneen ofweien. Mir hunn déi fest Gewunnecht, dass et schwaarz op wäiss Regele gëtt, wat een, deen e Projet realiséiere wëllt, vun Oplagen erfëlle muss a wat aus Ëmweltschutzgrënn verbueden ass, mam Resultat, dass de Res-ponsabelen dës Regelen esou minimalis-tesch ëmsetzt wéi et nëmme geet; oder zu-mindest gëtt dat ënnerstallt.

An deeselwechte Kontext passt et och, dass de Responsabelen esou mann wéi méiglech Informatiounen erausgëtt, fir even-tuell déi eng oder aner Regel net esou ge-nau mussen anzehalen, ouni dass et opfält.

Op där anerer Säit hu mir direkt concer-néiert Leit an Ëmweltschutzorganisatiounen, déi sech d'Méi maachen, genau drop opze-passen, dass all Regele respektéiert ginn an an deem Sënn och Klorecht virum Tribu-nal administratif kréien.

Dozou kommen dann nach aner Interesse-gruppen, déi e Projet aus anere Grënn net wëllen a fir déi all Argument gutt ass, fir dëse Projet ze kippen a mat ze hëllefen Ëmweltregelen esou restriktiv auszeleeë wéi et nëmme geet.

Mir liewen deemno an engem System, an deem all Projet an e Konflikt zwësche fest-gefuere Fronten ausaart. Ouni wëllen deem engen oder deem aneren d'Schold dorunner zouzeweisen, muss ee feststellen, dass d'Konsequenzen dovunner enorm schiedlech sinn, souwuel fir eist Land wéi fir deen eenzelne Bierger.

Mir hunn enorm laang Prozeduren, wann et drëm geet, fir iergendeng Aktivitéit oder e Standuert festzeleeën, Pläng ze maachen a Projeten ze realiséieren. De Fait, dass jidd-fereen, deen un der Prozedur bedeelegt ass, oft nëmme seng eegen Interesse gesäit an duerch all Instanze verdeedegt, mécht eis quasi verhandlungsonfäeg. Dat ass schlecht fir eis Kompetitivitéit, mä et schuet och deem eenzelne Bierger, well dës Ineffi-zienz oft richtig deier gëtt an d'Resultat net seelen e méisseg gudd Kompromëss duerstellt.

Wat feelt, ass e konstruktiven Dialog. A ge-nau dat setzt d'Direktiv 2001/42/CE viraus. Si setzt viraus, dass d'Ministèren an aner öf-fentlech Verwaltungen net aus Prinzip esou vill Informatiounen zrëckhale wéi si nëmme kënnen. Si setzt viraus, dass déi betrafte Verwaltunge grondsätzlech transparent schaffen a schaffe wëllen, a just do Informa-tiounen zrëckhalen, wou et e gudd Grond derfir gëtt.

D'Direktiv 2001/42 geet och dovunner aus, dass all öffentlechen Optraggeber genuch Interessi un Ëmweltschutz an Nohaltegkeet huet, an dass hien net absichtlech schlecht Décisiounen an deem Sënn trëfft, obwuel hien aner Léisunge kennt, déi duerchaus realisierbar sinn a wäeren.

D'Zil vun der EU-Direktiv 2001/42 ass net, där enger oder där anerer Säit an engem Konflikt, wou een deem anere schlechte Wëllen ënnerstellt, nei Argumenter ze liwwen. D'Zil ass et, schiedlech Ëmweltaflëss méiglechst fréi sichtbar ze maachen a wä-hrend allen Etappe vun der Prozedur ëmmer erëm eng Reflexioun doriwwer anzebauen, wéi een en negativen Ëmweltimpakt redu-zéieren oder verhënnere kann. D'Zil ass et och, dass dës Reflexioun net eesäiteg vun deem gefuerdert gëtt, deen e Plang oder Programm duerchzéie wëllt, mä dass jidd-fereen, dee betraff ass, d'Prozedur ka mat verfollegen a gegebenenfalls seng Argu-menter an d'Diskussioun mat erabrénge kann.

Och an Zukunft wäerte Konflikter, bei deen Ëmweltschutzargumenter eng Roll spillen, net ausbleiwen. Mä et ass ze hoffen, dass mer et packen, ëmmer méi oft och e konstruktiven an e participativen Dialog kënnen ze féieren, bei deem jiddfereen och d'Interesse vun deem aneren unerkennt.

Här President, mir wäerten dëst dringend brauchen, wa mer wëllen zum Beispill mat all eise Plans sectoriels virukommen. De Plan sectoriel „Transports“ an de Plan sec-toriel fir déi grouss zesummenhängend Landschaft solle jo geschwé virleien. An da musse mer genau deen Exercice an der Praxis maachen, iwwert dee mer hei schwätzen. Grad bei de Plans sectoriels ass et ganz kloer, dass keen en Intérêt drun huet, wann aus dëse Pläng näischt gëtt.

Et ass awer och kloer, dass esou Pläng vill eenzel Interesse beréieren. Vu Privatper-sounen, vun ënnerschiddlechen Interesse-gruppen, vu Gemengen, vun anere Ministè-ren an esou weider.

Wa mer eis do an endlosem Gestreits ver-hedderen, verpasse mer, eist Land op d'Zu-kunft virzebereeden, an dobäi kënnen mer al-leguerten nëmme verléieren.

Här President, mir müssen also alleguer ze-summe léieren, wéi mer ouni ze vill Zäit ze verléiere Léisunge kënnen fannen, déi e fai-ren Equilibre zwëschent verschiddenen In-teressen duerstellen.

D'Politik muss hei hir Verantwortung als Vermëttler iwwerhuelen. Déi zwee Projets de loi, iwwert déi mer hei ofstëmmen, ginn eis e wichteg Instrument an deem Sënn an de Grapp fir eng nohalteg a responsabel Ëmweltpolitik.

Wa vun der initialer Planungsphas bis zur konkreten Realisatioun vu Projekte konti-nuéierlech séchergestallt ass, dass all Inter-esséiert déi ëmweltrelevant Informatiounen hunn, déi si brauchen, wa se zu bestëmm-ten Zäitpunkten hir Argumenter kënnen vir-bréngen, an domat och de Kader fir eng breet öffentlech Diskussioun ginn ass, da sinn d'Chancë gutt, dass mir keng oder net ze vill Feeldécisiounen huelen, wou mer ze spéit mierken, dass aner Variante vun en-gem Projet besser gewiescht wieren.

(Interruption)

Voilà, genau dat!

A wa mer d'Leit vill méi an transparenter a participativer Form un den demokrateschen Décisiounsprozesser bedeelegen, da kënnen mer eis och erwaarden, dass déi néi-deg a fälleg Décisiounen akzeptéiert ginn an domat och Décisioune mat Courage an deem néidegen Entscheidungswëlle geholl ginn, fir eist Land nohalteg no vir ze brén-gen.

An deem Sënn géif ech lech bieten, dësen zwee Projets de loi Är Zoustëmmung ze ginn. Ech ginn dozou den Accord vu men-ger Fraktioun a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - Allez, au vote!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Oberweis. Dir hutt d'Wuert, Här Oberweis.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Jo, Här President, de Vote dauert nach e puer Se-konnen.

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, er-laabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Rap-porteur, dem Roger Negri, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. De virleiende Protokoll behandelt d'Evaluatioun vum Impakt, deen duerch Aktivitéiten op d'Ëmwelt ausgeléist gëtt, an dat speziell am Grenzberäich tëschent de Länner, déi Mem-ber si vun der Konventioun vun Espoo.

D'Konventioun selwer reit sech an d'Iwwer-leeunge vun der Aarhus-Konventioun iwwert den Accès zur Informatioun vum 25. Juni 1998 an. Si ass zu Kiew während der fën-nefter Europäescher Umweltministerkonfe-renz, an dat am Kader vun der Initiativ Ëm-welt fir Europa, ausgeschafft ginn.

Dës ass zu Espoo de 25. Februar am Joer 1991 während der éischter Ëmweltminister-konferenz an d'Liewe geruff ginn. Mir waren ee Joer virun der grousser Rio-Konferenz derbäi. Dat heescht, Europa huet deemools scho kloer Akzenter gesat, wou et wëllt hi-goen.

D'Konferenz zu Kiew ass aberuff ginn...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Jaerling, wann Der dem Här Oberweis Froe wëllt stellen, stellt se.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech hu just dat bestätegt, wat e sot!

» **M. le Président.** - Jiddferree weess, datt dat, wat den Här Oberweis seet, stëmmt.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Dat wär schéin, Här President.

D'Konferenz zu Kiew ass aberuff ginn, fir och d'State vu Mëttel-...

(Interruption)

Et ass ëmmer esou schéin, wann een ënner-brach gëtt hei, mä ech probéieren awer elo de Saz ganz fäerdeg ze maachen. Et geet mer drëm hei ze soen, dass an där Konfe-renz festgehalen ginn ass, dass d'Länner aus Mëttel- an Osteuropa deemools schonn agebonne si ginn.

Dat war wäit virun deem Moment, wou se an Europa erakomm sinn. Et waren also scho Leit, déi wäit gekuckt haten, och deene Län-ner den Ëmweltgedanke mat eran ze imp-fen. Doriwwer eraus sinn och d'Länner aus dem Kaukasus, aus Zentralasien, Usbekis-tan an Tadschikistan invitéiert ginn. Also wäit ewech vun hei, mä trotzdeem, déi ginn och an déi gesamteuropäesch Ëmweltstra-tegie agebonnen.

Wéi schonn am Gesetzesprojet ausgeféiert, stinn hei d'Auswirkunge vun de Pläng a Programmer, bei deenen notabel Ëmwelt-auswirkunge a gesondheetlech Schied antriede kënnen, am Mëttelpunkt.

Et soll duerch dëse Gesetzesprojet déi no-halteg Entwécklung méi staark ëmgesat ginn. Si ass schonn amgaangen, mä mer gesinn ëmmer nach negativ Punkten, an hei soll ganz kloer och am Sënn vun der partici-pativer Demokratie geschafft ginn.

Jiddfer Matbierger muss d'Recht kréien, an engem ökologesche Gläichgewicht mat der Natur ze liewen, an zwar esou, dass seng Gesondheet protegéiert gëtt. Fir dat awer ze realiséieren, müssen d'Matbierger an en-gem fréie Stadium an d'Entscheidungspro-zesser mat Ëmweltimpakt agebonne ginn. Zu den Auswirkungen op d'Ëmwelt ziele mir notamment d'Awirkungen op d'Flora, op d'Fauna an op déi dräi Liewensres-sourcë Buedem, Waasser a Loft, vun deene mir jo liewen, an och ons Landschaften.

An dësem Fall spillen awer d'Auswierkun-gen am Grenzberäich tëschent de Staten déi wichteg Roll. De Roger Negri ass drop agaangen, ech kann op e puer Saache pas-séieren, da gëtt et méi kuerz. Et gëtt och an dem Rapport ausgeschafft, wou all Form vun Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet festgehalen gëtt.

Dës Informatiounen soll de Stat engersäits senge Verwaltungen zougänglech maa-chen, an anerersäits och den ugrenzende Länner, wann duerch dës Aktivitéiten even-tuell an hirer Ëmwelt Schied opriede kéin-ten oder d'Gesondheet vun de Matbierger déisäits der Grenz an d'Diskussioun bruecht kéint ginn.

Et läit op der Hand, dass de Public via déi modern Telekommunikationstechnologien, ënner anerem Internet, all Informatiounen iwwer Pläng a Programmer mat Zäit muss agesinn.

Et ass och evident, dass Netregierungsor-ganisatiounen Abléck an déi strategesch Ëmweltpräiung vun de Pläng an de Pro-grammer kréien. E puer Beispiller vun esou grenziwwerschreidende Projekte mat Impakt op d'Ëmwelt an d'Gesondheet kënnen sinn, zum Beispill de Bau vu Pipelines fir Äerdgas an Äerduelech, mat enger Längt awer vun 2,1 Kilometer; d'Opriichte vu Fräileitunge mat 220.000 Volt an enger Längt vu mindes-tens 15 Kilometer; oder souguer, wat er-staunlech ass, d'Opstelle vu Wandparken.

Zur grenziwwerschreidender Consultatioun nach e puer Wuert. Wann en ugrenzend Land seriös Douten huet, dass duerch Pro-grammer a Pläng, dat heescht Projeten, ne-gativ Auswirkungen op sengem Territoire entstoe kéinten, da muss dat Land, dat de Projet duerchféiert, deem anere Land all In-formatiounen iwwert dëse Projet zoukomme loossen. Dat ass interessant an och wich-teg.

Wann de Geescht vun der virleiender Kon-ventioun an all d'Käpp agaangen ass - an ech kann nëmmen hoffen, dat geschitt -, dann dierfte reng theoretesch keng negativ Auswirkunge vun engem Projet op en ugrenzend Land entstoën, an en aval och an deem eegene Land.

Am Sënn vun der nohalterger Entwécklung bréngen ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet a ginn dann direkt weider op den zweete Projet, wou ech awer, Här President, dem Roger Negri Merci soe fir seng Aarbecht, fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport.

An deem virleiende Projet de loi geet et ëm d'Evaluatioun vun den Auswirkungen op eis Ëmwelt, déi eben och dann duerch déi bestëmmte Pläng a Programmer ausgeléist kënnen ginn. Dat war mat der Konventioun vu Kiew festgehalen ginn; de Roger ass drop agaangen. En huet gesot, dass d'Directive

européenne 2001/42 muss hei a Lëtzebuer-ger Recht ëmgesat ginn.

Duerch dëse Gesetzesprojet soll eng Eva-luatioun op d'Ëmwelt a folgende Fäll age-fouert ginn, nëmmen dräi kleng Fäll: bei Pläng a Programmer vun dem Aménage-ment du Territoire, sief dat am urbane Beräich oder am ländleche Beräich; bei der Notzung ënner anerem vum Buedem, am Beräich vun der Energie oder vum Offall; an der Gestiou vun Waasser.

Et geet am Endeffekt drëm erauszefannen, wellechen Impakt dës Pläng a Programmer op eis Planzen an Déierewelt hunn; ënner anerem.

Am Mëttelpunkt stinn awer hei eendeiteg déi mëttel- a laangfristeg Auswirkungen op eis Liewensressourcen: Buedem, Waasser a Loft. Mir mierke jo ëmmer méi, wa mer d'Press lesen, d'Programmer kucken, dass et grad déi sinn - ech hunn et oft schonn hei gesot -, déi keng Stëmm hunn, déi mat Féiss getrëppelt ginn.

Och op d'Biodiversitéit, de kulturellen an architekturellen oder archeologesche Patri-moine souwéi op den Impakt vun de Land-schafte muss hei opgepasst ginn. Des Wei-dere solle bei den Ënnersichungen d'Wahr-scheinlechkeet, d'Dauer, d'Frequenz an de reversible Charakter vun esou negativen Aflëss op d'Natur am Mëttelpunkt stoën.

Ech hunn et schonn eng Kéier gesot: D'Ge-sondheet - dat héchste Gutt - steet hei och am Mëttelpunkt. Well dës Pläng a Program-mer an de meeschte Fäll nëmme bestëmmte Parzellen oder Zone betreffen, sollt d'Vulnérabilitéit och op déi Zon be-schränkt an deem Plang dann ausgewise ginn.

Awer net nëmmen déi zoustänneg Autori-téite müssen an d'Bild gesat ginn. Och dem Public müssen all dës Pläng a Programmer zur Asiicht virgeluecht ginn. Et muss och e Rapport ausgeschafft ginn, an deem all De-tailer an Agrëffer festgehalen ginn. An och d'Avisé vun anere responsabelen Instanze musse mat eraflëissen. Am Fall vu grenziw-werschreidenden Aflëss, dorëm ass et jo haut grad gaangen, müssen d'Bemierkerunge vun den Autoritéite souwéi den Awunner vum Nopeschland mat eragezu ginn. Dëse Rapport soll op enger Homepage dem Pu-blic zougänglech gemaach ginn an a min-destens véier Dageszeitunge publizéiert ginn.

Mat dem virleiende Gesetzesprojet soll de Referenzkader opgespaant ginn, fir d'Aus-wirkungen op d'Ëmwelt eendeiteg festze-halen. Et muss nämlech alles an d'Wee ge-leet ginn, fir dass d'Inzidenzen esou kleng wéi méiglech gehale ginn.

Fir dass awer an Zukunft net ëmmer déisel-wecht Prozeduren duerchlafte musse ginn, sollen hei och Iwwerleeungen als „copy paste“ festgehalen ginn. Dat ass och ganz wichteg, well domadder och dann d'Projete méi schnell kënnen duerchgeféiert ginn. Domat gewanne mer Zäit an et kënt och zu kengem Double emploi.

Et läit op der Hand, dass den Ëmweltminis-ter, an deem seng Attributiounen den Natur-schutz fält, hei als eng iwwergeuerdnet Ins-tanz muss wirken. Esou sollen an engem fréie Stadium vun engem Projet, wou d'Pläng an d'Programmer virleien, eventuell dann negativ Aflëss op d'Ëmwelt erkannt ginn.

Ee wichtige Punkt op alle Fall an och de leschte fir mech, dat ass den Artikel 12, dee seet, dass een och e Recours kann hunn. De méigleche Recours en annulation géint d'Décisioune ka bei Geriicht bis 40 Deeg no der Publikatioun ageklot ginn. An dëst muss och den Associatioune vun nationaler Wich-tegkeet am Beräich vun der Ëmwelt zouge-stane ginn.

Wéi gesot, dës zwee Projekte sinn en Ensem-bel. D'CSV-Fraktioun ass sech der Wichteg-keet vun der nohalterger Entwécklung be-wosst. Dee virleiende Gesetzesprojet an dee virdru sinn Haaptelementer dovun, an duerfir kann ech och den Accord vun eiser Fraktioun erabrénge a soe wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Ober-weis. Den nächsten ageschriwwene Ried-ner ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wëlt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftle-chen a mëndleche Bericht. Dat mécht et den nofolgende Spriecher méi einfach, well mir kënnen eis dann och méi kuerzfaassen.

Ech wëlt fir d'éischt e puer Remarquë maa-chen zum Projet 5731. Dat ass jo dee Projet, mat deem mer eng europäesch Direktiv ëm-

setzen, déi d'Evaluatioun vum Impakt be-
trëfft, dee gréisser Projeten op d'Ëmwelt
hunn. Eng Evaluatioun, déi am Virfeld vum
Ëmsetze vu gréissere Projekte muss ge-
maach ginn.

Mir hu schonn zu Lëtzebuerg e Reglement,
wat méi spezifesch kloer begrenzt baulech
Konstruktiounen ofdeckt. Mat deem Gesetz,
dat elo zur Diskussioun steet, erweidere mer
déi Dispositiounen op gréisser Projeten, déi
een zu engem gewëssenen Deel oder zu
engem groussen Deel an déi Kategorie lan-
desplaneresche Beräich kéint aglidden,
natierlech awer och an aner Domänen. Den
Här Negri huet jo och dovunner geschwat.

Sécherlech ass et eng Schwierigkeet, fir all
déi Pläng, déi a Fro kommen, genau kënnen
am Virfeld ze definéieren. Dat kann e Plan
sectoriel sinn, et kann den IVL insgesamt
sinn, eng städteplaneresch Mesure, eng flä-
chendeckend Mesure am Landwirtschaft-
leche Beräich, wéi zum Beispill e Remem-
brement.

D'Fro stellt sech zum Beispill: Kann dat och
sinn, wann décidéiert gëtt am landwirt-
schaftleche Beräich, datt een zum Beispill
massiv géif amplaz vu Weess Energieplan-
zen an enger ganzer Regioun uplanzen?

Et muss een awer och wëssen, datt et fir
eng ganz Rei Projeten elo scho kloer ge-
setzlech Dispositiounen a Prozedure gëtt,
déi zum Deel méi wäit gi wéi dat, wat hei an
der Direktiv virginn ass, an déi och méi
contraignant sinn.

Duerfir war och schonn déi Iddi vum Stats-
rot berechtegt, fir sech ze froen, ob et net
méi sënnavoll wier, een eenheetlech Gesetz
ze maachen, wou een dann alles kënnt an
ee Package paken.

Ganz positiv un där Direktiv ass sécher och,
datt de Bierger soll dès le départ mat an de
Prozess agebonne ginn a seng Meenung
äussere kann. D'Texter gesi vir, datt den
zoustänneg Minister, en l'occurrence den
Ëmweltminister, zu all Projeten, déi kënnen
eng Inzidenz op d'Ëmwelt hunn, kann - an
ech zitieren do elo net aus der Direktiv, mä
aus dem Rapport: «...émettre son avis,...»
an «...faire part de son avis,...»

Dat kléngt jo scho bal léif.

Et muss ee sech awer froen, wat den Ëm-
weltminister domadder iwwerhaapt u Ge-
wiicht herno kann hunn an där Prozedur, fir
konkret op d'Gestaltung vu Projeten am Vir-
feld kënnen anzewierken an zum Beispill an
enger Phas, wou e Projet eréischt uge-
duecht gëtt, eventuell och kënnen e Projet
ze verhënneren, wann hie géif mengen, datt
ze vill negativ Impakter op d'Ëmwelt kéinten
duerch esou e Projet verursaacht ginn.

Et kéint ee jo emol e Gedankespill maachen
zum Beispill vun engem Remembrement,
wou et jo esou ass, datt den Ëmweltminister
bis elo ëmmer e bëssen hannendrugelaf
ass, wéi et dann ass, wa mer elo dës Texter
ëmgesat hunn, ob dann d'Gewicht an d'Po-
sitioun vum Ëmweltminister an deene Proze-
dure méi wichteg gëtt.

Déiselwecht Remarquë kéint een och par
rapport zu dem Comité interministériel maa-
chen, deem am Gesetz virgesinn ass. Wann
do Konflikter entstinn tëschent Departemen-
ter - déi klassesch Fäll si jo Konflikter të-
schent der Agrikultur an der Ëmwelt: Wien
tranchéiert dann, wien huet dann d'Priori-
téit?

D'Gesamtimpresioun ass, datt hei sécher-
lech gutt Absichten am Spill sinn, mä
d'Praxis muss herno weisen, wat deen Text
wierklech wäert ass. Och wat d'Effizienz
transfrontière, also déi grenziwwerschrei-
dend Effizienz ubelaangt, bleiwe fir mech
Douten.

Mir kenne jo Beispiller aus der Vergaangen-
heet wéi zum Beispill de Fall IKEA, wou op
lëtzebuergescher Säit en europäesch
Schutzgebitt ausgewisen ass an dann dräi
Meter dernieft, well do dann e Stréch op der
Landkaart ass an d'Belsch ugeet, e grouse
kommerziellen Aménagement realiséiert
gouf. Dat ass eis jo ganz gutt an Erënne-
rung.

Et ass sech also ze froen, ob elo da mat
deenen heiten Texter esou landesplane-
resch Feelplanungen un der Grenz vun en-
gem Land, déi sécher Inzidenzen op d'No-
peschland hunn, kënnen an Zukunft verhën-
nert ginn. Och do hunn ech awer meng
Zweifel.

Här President, ech komme schonn esou
lues zum Schluss. Zesumme mat der Direk-
tiv solle mer och de Protokoll vu Kiew hei
guttheeschen, dee jo am enken Zesammen-
hang mat der Direktiv steet. Awer d'Direktiv
geet scho méi wäit wéi dee Protokoll.

Ech muss hei soen, dass ech an deem Dos-
sier op eng gewëss Aart a Weis befaange
sinn, well ech d'Eier hat, dee Protokoll zu
Kiew deemools fir d'Regierung kënnen ze

ënnerschreiw. Deem Protokoll wäert ech
also eng kloer Zoustëmmung ginn, grad wéi
och meng Fraktioun dat mécht. Datselwecht
gëllt awer och fir de Projet de loi 5731.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger.
Den nächste Riedner ass den Här Camille
Gira. Dir hutt d'Wuert, Här Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här
President, Dir Dammen an Dir Hären, och
ech wëilt dem Rapporteur Roger Negri vill-
mools Merci soe fir déi ausféierlech Rappor-
ten, déi mir et och erlaaben, wat bestëmmt
vill vun lech wäert freeën, mech relativ kuerz
ze halen an och déi zwee Projekte mateneen
ze behandelen.

Wéi esou oft am Ëmweltberäich, Här Presi-
dent, setzt dësse Projet de loi eng EU-Direk-
tiv mat grousser Verspéidung ëm. A wann et
ëm d'Matsproocherecht vun de Leit geet,
dann deet Lëtzebuerg sech nach méi
schwéier, a besonnesch schwéier mat der
Ëmsetzung vun EU-Direktiven.

Ech muss vläicht nach eng Kéier drun erën-
nere, dass d'Impaktstudiendirektiv vun
1985 iwwer 20 Joer gebraucht huet, fir hei
zu Lëtzebuerg ëmgesat ze ginn an eiser
Meenung no nach ëmmer net ganz komplett
ëmgesat ze ginn. Hei si mer net gradesou
hannendran, dat ginn ech ganz gärten zou,
mä awer hu mer et erëm net fäerdeg
bruecht, fir an der Zäit déi Texter hei zu Lët-
zebuerg wierken ze loosse.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,
ech perséinlech sinn der Meenung, dass
dat keen Zoufall ass. Dat huet eiser Mee-
nung no domat ze dinne, dass d'Biergerbe-
deeleung vu ville Politiker a Politikerinnen
zu Lëtzebuerg just als lästegen Exercice
ugesi gëtt, bei deem net vill erauskënnt,
ausser d'Prozeduren ze verlängere.

Dat huet awer och domat ze dinne, dass
nach net genuch erkannt ginn ass, dass déi
grouss gesellschaftlech Erausforderungen
am Ëmweltberäich virun allem aus dem 21.
Jorhonnert net nëmme kënnen vu Politiker a
Politikerinnen an Technokrate geléist ginn,
mä dass mer duerfir den Know-how vun alle
Bierger a Biergerinne brauchen.

Déi Gréng sinn net der Meenung, dass e
participative Prozess d'Projete verlängert,
am Géigendeel. Et brauch ee vläicht fir un-
zefänken e bësse méi Zäit, mä duerno ass
d'Akzeptanz vill méi grouss an et kënnt ee
besser duerch de Bësch. Mir sinn och der
Meenung, dass an 100 Käpp méi drastécht,
wéi an zéng. Wann d'Bierger vun Ufank u
bedeelegt sinn, da kann ee ganz vill Konflik-
ter verhënneren. Dat beschte Beispill ass
dat berühmte Beispill vun Helleng, wat vun
de Géigner vun der Participatioun ëmmer
benotzt gëtt fir ze soen: „Voilà, do gesitt Der,
wat geschitt, wa mer de Leit e Matsprooche-
recht ginn!“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et
ass genee ëmgedrënt! Hätte mer d'Im-
paktstudiendirektiv vu '85 mat Zäit ëmgesat,
hätt den Här Goebbels sech net ëmmer -
contre vents et marées - dergéint gewiert,
dass se ëmgesat gëtt, hätte mer d'Leit mat
Zäit agebonnen an de Bau vun der Saar-
strooss, hätte mer eis Direktiv gehat, hätte
mer eng gesetzlech Basis gehat, da géifen
d'Autoen an d'Camionen haut net méi
duerch den Enkpass zu Helleng fueren, da
wier dat längst gebaut.

Et ass net deene Leit hir Schold, déi sech
do wieren, dass mer haut esou wäit sinn. Et
ass deene jeeweilege Regierungen hir
Schold, dass se sech net un Direktive geha-
len hunn, dass se net erkannt hunn, dass
een d'Leit misst mat abannen, wann ee gär
duerch de Bësch kënnt.

» **Une voix.** - Ass et dem Här Goebbels
seng Schold?

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Majo
sécher ass et dem Här Goebbels seng
Schold! Dat ass ganz kloer. Et kann een eng
Kéier doriwwer e Buch schreiw, iwwert
den Enkpass zu Helleng, well en ass jo och
muer nach net opgeléist, a mir si gespaant,
ob dee jeemools eng Kéier kann opgeléist
ginn.

Duerfir, Här President, well mir déi Participa-
tioun vun de Bierger a Biergerinne vill méi
positiv gesi wéi vläicht vill anerer heiban-
nen, si mir natierlech ganz frou, dass d'Di-
rektiv soll ëmgesat ginn, besonnesch well
se an engem ganz fréie Stadium, wann
theoretisch nach all Optiounen opstinn, et
de Bierger a Biergerinnen erméiglecht mat-
zeschwätzen. Net nëmme kënnen se hir Mee-
nung soen, mä déi Meenung muss och
berücksichtigt gi bei der schlussendlecher
Décisioun. A wa se net berücksichtegt gëtt,
da muss souguer begrënnt ginn, firwat déi
Argumenter net gutt sinn.

Duerfir hu mir mam Fong vun dëser Direktiv
an och vum Projet de loi guer kee Problem,
well mer schonn d'Gefill hunn, dass d'Re-
gierung wëllt de Geeschtt vun dëser EU-Di-
rektiv korrekt ëmsetzen.

Mir hate während den Diskussiounen an der
Kommissioun gewësse Problemer a Beden-
ken - an ech muss soen, dass déi nach net
ganz aus der Welt geschaaft sinn - mat der
Form vun der Ëmsetzung, mat dem Wee,
deen d'Regierung gewielt a festgeluecht
huet, fir mat de Bierger a Biergerinnen an
deenen eenzelne Secteuren ze schwätzen.
Dee Wee fanne mer e ganz komeschen.

An dësem Gesetz steet just eng allgemeng
Bestëmmung, den Artikel 4.2, dee seet,
dass déi Prozedure géifen an aner Prozedu-
ren integréiert ginn, ausser wann déi dee-
nen heite scho géife gerecht ginn. Dat ass
awer net grad dat, wat de Rapporteur gesot
huet, nämlech prezis: „Ech si gespaant, elo
an der Praxis, déi dann deemnächst wäert
kommen, wéi dat da wäert vir sech goen.
Hoffentlech geléngt eis dat.“

Här President, mir fäerten, dass dat eng
komplizéiert, laangootmeg, laangwiereg
Prozedur gëtt, bis mer iwwerall konform
sinn. Zweetens, dass et ganz schwéier
wäert ginn, dass nach iergendwéi een an
der Hällewull vu Prozeduren do eens gëtt.
Ech denken do besonnesch u Gemengese-
kretären, déi all Kéiers eng wichteg Roll
spillen, wann et drëm geet, eppes ze affi-
chéieren. Eng Kéier sinn et 15 Deeg, eng
Kéier sinn et der 20, eng Kéier sinn et der
30.

Schlussendlech fäerte mer, drëttens, dass
mer eng Rei juristesche Onsécherheete
wäerten hunn, an dass eng Rei Dossiere
wäerte wéinst Prozedurgeplänkel - an dat
ass ëmmer schued - virum Gericht landen
an do musse behandelt ginn. Dat gëtt na-
tierlech erëm deene Leit, déi soen „Gesitt
Der, elo ass erëm alles blockéiert“, Waasser
op d'Millen, obwuel eigentlech ganz oft net
iwwert de Fong diskutéiert gëtt, mä iwwert
d'Prozedur.

Mir hätte léiwer gehat, wann an dësem Ge-
setz eng Evaluatiounsmethod an eng Kon-
sultationsprozedur als Régime de droit
commun festgehalen gi wier. Mir stinn, an dat
ass hei scho gesot ginn, net eleng mat eiser
Meenung, well de Statsrot huet fervent der-
fir plädéiert, an och Organisatiounen wéi de
Mouvement écologique.

D'Regierung huet eis, net ganz zu Onrecht,
entgéintgehalen, ausser Frankräich wier
keent vun deenen anere Länner deen dote
Wee gaang. Dat beweist sécherlech, dass
deen dote Wee ze goen net onbedéngt
deen einfachsten ass, dat ginn ech a meng
Fraktioun och ganz gärten zou. Ech muss
och soen, dass mir och elo kee juristeschen
Text hei parat hätten, fir déi Procédure de
droit commun do ze proposéieren. Et weist
dann awer, dass, wann ee gewollt hätt, een
et hätt kënnen maachen. Wann d'Fransousen
et fäerdeg bruecht hunn, hätte mir et jo
héchstwahrscheinlech och kënnen fäerdeg
bréngen.

Ech soen lech awer, Här President, dass
mer eis schlussendlech duerchgerongen
hunn, als Gréng, trotzdeem Jo ze soen zu
dësem Projet, och wa mir déi Ängschten net
ganz aus dem Wee geschaaft gesinn. Mir
sinn awer frou, dass d'Gesetz relativ séier
kann ëmgesat ginn an dass mer de Leit
esou séier wéi méiglech an esou vill wéi
méiglech d'Méiglechkeet gi matzeschwätze
bei Projeten, déi kommen. Mir hunn och
agesinn, dass et elo net derwäert ass, Stro-
fen ze bezuelen zu Bréissel, well mer han-
nendra sinn, obwuel dat eigentlech keng
Ursaach dierft si fir schlecht legislativ Aar-
becht ze maachen.

Wéi de Rapporteur et scho richtegerweis
erwähnt huet, stinn elo eng ganz Rei grouss
a wichteg Planungen un, wéi déi eenzel
Plans sectoriels. Ech denken awer och un
de Plan national des déchets. Ech weess
net, ob deen elo nach an d'Prozedur fält.
Wann, da géif ech et awer gutt fannen,
wann en no där heiter Prozedur géif ge-
maach ginn.

Et stinn och déi eenzel PAGen an de Ge-
mengen un. Ech weess net, ob d'Gemege-
vertrieder heibanne sech all esou bewosst
sinn, dass dat hei och eng Direktiv ass, déi
si ugeet, an zwar beim Ausschaffe vun där
neier Generatioun vu PAGen. Dat ass och e
Plang, deen ënnert déi heiten Direktiv fält.
Ech mengen, dass et wäert noutwendeg
sinn, dass de Ministère de l'Intérieur e bës-
sen Opklärungsarbecht mécht, fir dass
mer eis net duerno a prozeduralem Geplän-
kels virun de Gerichter ermëffannen, mä
dass allgemeng, no deemselwechte
Schema, no därselwechter Prozedur, déi
nächst Generatioun vu PAGE kann opge-
stallt ginn.

Also ënnert dem Stréch dann awer e Jo vun
eis, och wa mer eng gewëssen Ängscht
hunn, dass mer eis relativ séier wäerten hei
erëmgesinn an, vläicht no deem engen oder
anere Gerichtsprozess, schonn erëm
musse frësch légiféréieren.

Et ass evident, dass, wa mer zu deem enge
Projet Jo soen, mer natierlech och zu dem
zweeten, nämlech d'Unhuele vum Protokoll
vu Kiew, wäerte Jo soen.

Just eng Fro dozou vläicht un den Ëmwelt-
minister. Ech hat an der Ëmweltkommis-
sioun nogefrot, ob scho Pourparleren am-
gang wären, fir bilaterale Ofkommesse mat
eisen dräi Nopeschlänner ze maachen.
Dunn ass mer mat Nee geäntwert ginn.
Wann dat haut nach ëmmer esou ass, géif
ech awer ganz vivement recommandéieren,
vläicht esou Diskussiounen opzehuelen.
Ech géif et net gutt fannen, wa mer eréischt
géifen iwwerleeën, wéi mer de Protokoll vu
Kiew mat eise jeeweilegen Noperen ëmset-
zen, wann en akute Fall a vläicht e kridde-
leche Projet an enger vun eise Grenzre-
giounen wier.

Och do besteet e Risiko vu Gerichtsproze-
duren, an duerfir géif ech et besser fannen,
wa mir elo scho preventiv géife mat deenen
dräi Länner Ofkommesse maachen, fir
dass, wann de Fall sech sollt stelle vun en-
gem Plang oder engem Programm wou mer
d'Nopere musse froen, mer do gerüst sinn
an op béide Säite vun de Grenze jiddferee
weess, wéi e sech soll uleeën.

Merci villmools fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. De
leschte Riedner ass den Här Mehlen. Här
Mehlen, wann ech gelift.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci,
Här President. Merci un de Rapporteur. Een-
zel Virriedner si schonn am Detail op de Pro-
jet agaangen. Ech wäert mech hidden, dat
hei ze maachen. Ech wëll just e puer allge-
meng Remarquë maachen.

Et ass kloer, datt, mat der Entwécklung vun
eiser Gesellschaft, d'Problemer, déi bei
grousse Projekte fir d'Ëmwelt an de Mënsch
entstinn, ëmmer méi grouss ginn, an datt
d'Tendenz besteet, fir dat och ëmmer méi a
Prozeduren anzebannen, wou d'Mënsche
kënnen, éischstens, am Virfeld informéiert
ginn an och iergendwéi eng Méiglechkeet
hunn, sech dozou ze äusseren. Dat ass gutt
esou. Ech mengen, do ass och all Mënsch
domat d'accord.

Déi aner Säit vun der Medail ass natierlech
déi, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, fir Pro-
jeten ëmzesetzen an, virun allem, fir se an
Délaien ëmzesetzen, déi nach iergendwéi
raisonnabel sinn. Duerfir hunn ech d'Hoff-
nung, datt - esou wéi den Här Gira et gesot
huet - wann d'Leit direkt vun Ufank u mat
agebonne sinn, et herno bei der Ëmsetzung
net zu weidere Verzögerunge kënnt.

Mä et ass och richtege, datt d'Prozeduren
ëmmer méi komplizéiert ginn, datt mer ëm-
mer méi Gesetzer kréien an deem heiten
Domän, an datt et fir den normale Mënsch
bal onméiglech gëtt, fir sech nach an deem
Gewulls do ermëzfannen. Ech wollt och
nach froen, wa mer schonn iwwer eis grouss
Infrastrukturprojete schwätzen, ob mer eng
aner Nordstrooss gebaut hätten, wa mer déi
Gesetzgebung hei deemools scho gehat
hätten?

Et ass jo interessant, datt een Impaktstudien
am Virfeld mécht. De Minister Goebbels,
deen hei scho genannt ginn ass, huet dee-
mools héich an helleg versprach, all Gras-
hallem tëschent der Stad a Miersch wär ëm-
gedréint ginn. Et bräicht ee keng Suerg ze
hunn.

Ech mengen, leschtenenns wosst jiddfer-
een, wéi mer déi Strooss gestëmmt hunn,
wat mer géife stëmmen. An eng Strooss ze
bauen, déi keen Impakt op d'Ëmwelt huet,
dat gëtt et net.

(*Interruption*)

Jo. Elo kann een natierlech soen, wann aus
deenen Etüden ervirgeet, datt dat an dat an
dat an dat ëmweltméisseg tangéiert gëtt,
datt mer dann nach méi Kilometeren ënnert
dem Buedem erduerchgefuer wären, wou
mir jiddefalls awer der Meenung sinn, datt
dat ongeféier déi verkéiertsten Décisioun

war, déi mer konnten huelen. Och aus Sécherheetsgrënn an aus finanzielle Grënn.

Wéi gesot, et geet jo hei drëm, datt méi Transparenz soll an déi Prozedure kommen, datt d'Leit solle besser informéiert sinn, datt se och eng Méiglechkeet kréien, fir hiert Wuert do matzeschwätzen, an duerfir wäerte mir eis och dem Vote vun deenen zwee Projeten hei net verspären.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Ëmweltminister.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Merci, Här President. Ech wëll et ganz kuerz maachen. Zum Fong gëtt et net ganz vill bäizefügen zu deem, wat de Rapporteur op seng gewinnten exzellent Aart a Weis hei gesot huet. Ech mengen, dass et och e Konsens gëtt a ville Froen. Ech wëll just zwou praktesch Saache vläicht soen.

Dat Éischt ass eng Äntwert op déi Fro, déi de Kolleg Camille Gira gestallt huet. Déi éischt Pläng, déi wäerten där Evaluatioun hei ënnerzu ginn; wat de Plan sectoriel vum Transport an dee vun de grands ensembles paysagers wäert sinn. Mir sinn eis doriwwer eens, dass déi Evaluatioun op der Basis vun dëser Gesetzgebung a vun dëser Direktiv am Hierscht wäert ugoen. Zweetens ass zu deem Punkt och ze soen, dass natierlech de Plan national iwwert d'Décheten, wann deen dann, esou wéi mer et elo am Timing virgesinn hunn, bis Enn des Joers fäerdeg ass, och där heiter Evaluatioun ënnerzu gëtt. Doriwwer därerf et keng Diskussioun ginn.

An déi zweet Bemierkung nach vläicht: Ech hu vu ville Riedner eppes opgefaangen, wat, mengen ech, richteg ass. Den Här Mehlen huet dat genannt „Gewulls“ an den Här Gira an anerer hu gesot: „Opklärung, déi wuel néideg ass“.

Ech mengen hei mat an de Ministère - ech wollt elo soen „mat heemzehuelen“, dass een effektiv och mat 97/11 a mat 2001/42 vläicht muss, zesumme mam Här Wiseler a mam Här Halsdorf, eng Agence domat beoptragen, fir déi Gesetzgebungen eng Kéier op eng relativ einfach Aart a Weis ze erklären, net nëmme fir d'Gemengen, mä och fir déi staatlech Autoritéiten a fir all déi privat, déi hei och kënne mat esou Projete behaft sinn. Et ass noutwendeg, fir eng Kéier kloerzemaachen, wien do elo wat fir eng Kompetenz wéini huet, wat fir eng Délaien dass et da gëtt a wéi laang d'Prozeduren daueren.

Eng lescht Bemierkung vläicht och nach: Et soll hei ëmmer den Zweck sinn, hei besonnesch jo, et an engem Stade précoce ze maachen, wat evidentereis ganz wichteg ass, dass et eis awer drëm geet, fir Prozeduren domadder déifgrënneg ze maachen a gutt ze maachen, awer net onbedéngt onendlech an d'Längt ze zéien. Well mir hu bei ville Projeten hei am Land, wann ech elo d'Kap als Transportminister géif undoen, wierklech de Souci, dass mer och virukommen an dass d'Prozeduren net dofir do sinn, fir d'Saachen onendlech an d'Längt ze zéien. Hei brauche mer och e gesonden Equiliber. Duerfir der Kommissioun Merci fir hir schnell Aarbecht.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5731; Dir fannt den Text am Document parlementaire 5731⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5731 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul

Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5735; den Text steet am Document parlementaire 5735².

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5735 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Laurent Mosar), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5826 iwwert de SIDOR. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen bis elo: den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Gibéryen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri.



5. 5826 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux de renouvellement des infrastructures d'élimination des déchets ménagers et assimilés du SIDOR

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de SIDOR zu Leide-

leng ass déi eenzeg Müllverbrennungsanlag, déi mir hei am Land hunn.

De SIDOR, de Syndicat Intercommunal pour la Destruction des ORdures, verbrennt den Haushaltsmüll vun de 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen, fir ronn 300.000 Awunner. Dat sinn zwee Drëttel vun der Gesamtaunnerziel an eisem Land.

De SIDOR gouf 1971 gegrënnt an ass 1976 a Betrib gaangen. D'Müllverbrennungsanlag funktionnéiert de Moment mat dräi lewen, bei enger Temperatur vun 850 Grad Celsius. Pro Stonn kënnen 8 Tonne Müll verbrannt ginn. D'Gesamtcapacitéit läit bei 147.000 Tonne Müll pro Joer.

De SIDOR huet sengerzäit en Exploitationkontrakt mat der Firma SOLUCOM ofgeschloss, deen elo 2008 ausleeft.

D'Müllverbrennungsinfrastrukture sinn am Schnëtt méi wéi 30 Joer a Betrib. Fir weider produktiv ze bleiwen an d'Betriben- a virun allem d'Versuergungssécherheet ze garantéieren, déi enorm wichteg ass, mussen d'Verbrennungsinfrastrukturen an deenen nächste Joren integral erneiert ginn.

De SIDOR huet och schonn iwwert de Wee vun enger öffentlecher europäescher Ausschreiwung engem neie Gestionnaire, der Firma SOTEC vu Saarbrécken, d'Exploitation fir déi nächst 20 Joer iwwerdroen, woubäi déi 52 Leit vun der SOLUCOM, déi beim SIDOR schaffen, integral vun der SOTEC iwwerholl ginn; an dëst opgrond vum Gesetz vum 19. Dezember 2003 iwwert de Maintien des droits des travailleurs en cas de transfert d'entreprises.

D'Gesamtkäschte vun der Erneierung vun de Müllverbrennungsinfrastrukture belafe sech op ronn 100 Milliounen Euro, fir genau ze sinn 99.745.250 Euro. D'Käschte gi vum SIDOR-Gemengesyndikat gedroen. De Stat bedeelegt sech um Projet mat 25% iwwert de Fonds de la protection pour l'environnement. Dat mécht fir de Stat en chiffres ronn 25 Milliounen Euro oder genau 24.936.310 Euro aus.

Well dëse Chiffer vu 25 Milliounen Euro nom Gesetz vum 8. Juni 1999 no Artikel 80 de Seuil vu 7,5 Milliounen dépasséiert, déi d'Regierung investéiere kann ouni den Accord vun der Chamber, brauche mer e Gesetz, wat mer haut de Mëtten hei wëlle stëmmen.

Här President, eier ech op den Detail vun der neier Müllverbrennungsanlag zu Leideleng ze schwätze kommen, wëll ech fir d'éischt op déi allgemeng Hausmülllofallsituatioun hei zu Lëtzebuerg agoen.

D'Gestioun vum Hausmüll ass am Gesetz vum 17. Juni 1994 geregelt. D'Haaptobjektiver dofir sinn:

- 1) d'Preventioun an d'Reduktioun vum Müll,
- 2) d'Valoriséierung vum Müll duerch Recycling an
- 3) d'Eliminatioun vun deem Müll, deen net méi ka valoriséiert ginn.

Dëse leschten drëtte Punkt vun der Eliminatioun vun dem Reschtmüll geschitt hei zu Lëtzebuerg an dräi interkommunale Syndikater: éischstens dem SIDOR, ëm deen et hei haut geet; zweetens dem IDEC, en interkommunale Syndikat vu 55 Gemengen aus der Regioun Dikrech, Ettelbréck a Colmar-Bierg, mat der Décharge um Friedhaff bei Dikrech, an drëtts dem SIGRE, en interkommunale Syndikat vu 25 Gemengen aus der Regioun vu Gréiwemaacher, Réimech an lechternach mat der Décharge am Muertendall zwësche Betzdorf a Gréiwemaacher.

De IDEC funktionnéiert mat enger mechanischer Virbehandlung a seng maximal Exploitation ka bis zum Joer 2020 goen. Hei gëtt zesumme mam Ëmweltminister no aneren Eliminatiounsméiglechkeete gesicht. De SIGRE huet nach eng Exploitationssäit fir déi aktuell Extentionphasen 1 an 2 bis zum Joer 2010. Am Ganze bestinn awer do Stockagecapacitéite bis zum Joer 2060. Ervirsträiche wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht ënnert deenen dräi Syndikater, déi sech géigesäiteg hëllef bei Enkpäss.

Här President, de Fonctionnement vum SIDOR baséiert um Gesetz vum 23. Februar 2001 a begräift wéi scho gesot 36 Gemengen aus de Kantone Lëtzebuerg, Esch a Capellen.

D'Vokatioun, fir den Hausmüll net nëmmen ze verbrennen, mä sech och am Recycling ze engagéieren, weist sech um gudden Fonctionnement vun zwee Gemengesyndikater, éischstens dem Minettkompost, deem 22 vun deene 36 Gemenge vum SIDOR ugehéieren, an zweetens dem SICA aus dem Westen, deem aacht vun de SIDOR-Gemengen ugehéieren.

Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR funktionnéiert nach just mat engem groussen Uewen a grad wéi déi aktuell Anlag mat 850 Grad Celsius. D'Verbrennungscapacitéit läit bei 20 Tonne pro Stonn a bei 150.000 Tonne pro Joer. D'Gasen, déi entstinn, ginn duerch Katalysatore gefiltert, fir Dioxin a Schwéiermetaller net an d'Luucht ze blosen. Hei ginn déi neisten Technologien agesat, déi deene méi strengen Norme vun der Protektioun vum Buedem, dem Waasser an der Loft vun haut och entsprechen.

D'Chaudière, fir d'Verbrennungsanlag ze bedreiwe vum SIDOR, dégagéiert nach eng Hëtzt vu 400 Grad Celsius a Form vun Damp mat engem Drock vu 40 Bar. Dat ass ganz héich. Dëst erlaabt et, eng Cogénérationsanlag ze bedreiwen, an hei eraus erkläert sech och haaptsächlech, firwat de Projet vum Fonds pour la protection de l'environnement ënnerstëtzt gëtt.

D'Cogénérationsanlag erlaabt et engersäits, Stroum ze produzéieren an en an d'öffentlecht Stroumnetz anzespeisen, mat enger Capacitéit vu 16,5 Megawatt. Dëst entsprécht enger Stroumversuergung vu ronn 10.500 Haushalter.

Hei wëll ech erwähnen, dass och elo scho Stroum an d'Netz agespeist gëtt mat enger Capacitéit vun 11 Megawatt fir eng Equivalenz vu 7.000 Haushalter. Déi aktuell 11 Megawatt entsprechen engem Prozent vun eiser nationaler Stroumconsommation. An déi 16,5 Megawatt vun där neier Anlag entsprechen 1,5% vun der nationaler Stroumconsommation, wat schonn impressionnant ass.

Wat de Projet awer vum Ëmweltaspekt zousätzlech interessant mécht, ass, dass d'Cogénérationsanlag sënngeméis och Hëtzt auskoppelt mat enger Capacitéit vun 18 Megawatt. Dës Hëtzt soll Gebailechkeeten hëtzen an der Zone d'activité vun der Cloche d'or a Gaasperech. Heifir soll eng siwe Kilometer laang Leitung vu Leideleng op d'Cloche d'or verluecht ginn. Do soll vun der Stad Lëtzebuerg eng Zentralheizung gebaut ginn, déi d'Hëtzt iwwert de Wee vun engem Réseau urbain de chauffage a verschidden Deeler vun dëser Zone d'activité transportéiert.

Et ass estiméiert ginn, dass Bürosraimlechteken, dat hänkt awer och vill vun der Konstellation of, fir eng méi wéi 10.000 Leit op dësem Wee kënne gehëtzt ginn. Dës Käsche gi vun der Stad Lëtzebuerg gedroen.

Här President, erwähne wëll ech och, dass d'Schlaken, déi bei der Müllverbrennung op der SIDOR entstinn, déi 25% vum Gewicht an 10% vum Volume vun verbrannte Müll duerstellen, no Däitschland bei Krefeld transportéiert ginn an eng speziell Entsorgungsanlag, wou de Rescht vum Metall récupéréiert a recycléiert gëtt. Déi entstehend Äsche bei der Verbrennung, déi 3% vum Gewicht vum verbrannte Müll duerstellen, ginn an Däitschland an ënnerierdesche Salzmine gelagert, wou se geschützt sinn, well hei keng Fichtegkeet besteet a se sech domat net zersetzen.

Här President, de Projet de loi ass den 2. Januar 2008 déposéiert ginn. D'Kommodo-Inkommodo-Prozedur ass um Lafen a wäert Enn 2008 ofgeschloss ginn. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR zu Leideleng wäert am Prinzip Enn 2010, Ufank 2011 a Betrib goen. Déi nei Müllverbrennungsanlag vum SIDOR kascht wéi gesot 100 Milliounen Euro a gëtt aus deene virdrun erkläerten ëmweltspezifischen Aspekter mat 25% vum Fonds pour la protection de l'environnement nom Gesetz vum 31. Mee 1999 a mat 25 Milliounen Euro vum Stat subsidiéiert.

Domadder bieden ech Iech, dësem Projet de loi zouzestëmmen, ginn den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'1.-Mee-Féier fänkt un. Ech kréie scho gesot, ech soll virumaachen an net vill schwätzen. Ech gi mer dann all Méi.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem Roger Negri, no deem ech oft hei muss schwätze goen, well de Roger ass viru mir am Ëmweltberäich, Merci ze soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet, mëndlecher a schrëftlecher Aart.